Diddeleng, den 13. September 2023

Semiray Ahmedova
[redacted]

Yves Steffen
[redacted]

**Un den Här Buergermeeschter**
**an un de Schäfferot vun der Stad Diddeleng**

Här Buergermeeschter, Dir Damme Schäffinnen, Dir Häre Schäffen,

Am Numm vun déi gréng Diddeleng biede mir Iech an der nächster Gemengerotssitzung zu folgende Froe Stellung ze huelen.

Am Gemengerot vum 14.7.23 hate mir Froen zum Event ronderëm d'75 Joer Porsche Feier am Lokal vun der "Kantin" an op der Place Thierry van Werveke gestallt. An den Äntwerten, déi mir zwar net am Gemengerot kritt hunn, mee konform zum règlement interne den 28.7.23 per Mail kritt hunn, hunn sech fir eis weider Froen erginn.

<u>Am Kader vun enger transparenter Zesummenaarbecht tëscht Schäffen- a Gemengerot stellen mir folgend Froen un de Schäfferot:</u>
- Kéinte mir folgend Dokumenter w.e.g. gesinn:
  - Déi ausgestallte Rechnunge fir d'Benotze vum ëffentleche Raum (Place Thierry Van Werveke et alentours).
  - D'Rechnunge fir d'Parkplaze beim "Hall Fondouq", nieft der Brasserie "Kantin" an déi beim Skatepark un Cattitude respektiv Porsche.
- Mir begréissen ausdrécklech, dass en Dokument erschafft gëtt, wat d'Organisatioun vun Eventer op der Place Thierry Van Werveke reegele soll. Gëtt de Gemengerot an d'Ausaarbechtung mat agebonnen? Wou sinn d'Aarbechten un dem Dokument drun?
- D'Parkplaze bei der Kantin sinn aktuell (nach) net payant? Wéini ass hei en entspriechend Reglement ze erwaarden?

<u>Weider Froen zum Site:</u>
- Mir begréissen déi 3 Parkplaze fir personnes à mobilité réduite. Dës Leit hunn domat e vill besseren Accès op d'Place Thierry Van Werveke, de Vewa, de Jardin Communautaire an d'Kantin. D'Parkinge beim Centre Culturel régional opderschmelz ewéi de Parking beim Skatepark si foussleefeg. Duerch e weidere Parking (deen net exklusiv de personnes à mobilité réduite virbehalen ass) um Site vum zukünftegen Ekoquartier ass en erhéicht Opkommes vun Autostrafic, op der Vëlospiste, deen sech net eenzeg op d'Leit à mobilité réduite an d'Livraisoun beschränkt. Wat war

d'Motivatioun, e weidere Parking op engem Site ze maachen, deen eigentlech an Zukunft soll prioritär der duusser Mobilitéit reservéiert bleiwen?

- D'Fro vun den Autoen op der Vëlospiste ass nach ëmmer aktuell, sou war Donneschdes (de 17.08.23) nom SoSoSummer géint 23 Auer folgend Bild, dat sech op der Afterparty gebueden huet. Dës sinn zum Deel och wärend dësem Event beweegt ginn.



D'Woch drop (de 24.08.23) waren nees Autoe wärend dem Event um Site.

Haten dës Gefierer déi néideg Autorisatiounen (am Fall vu Livraisounen) ugefrot? Wieren dës Trajeten net am Sënn vun der allgemenger Sécherheet besser ausserhalb vun de Festivitéitszäite vum SoSoSummer an der domat verbonnener Afterparty ze maachen (respektiv och bei zukünftegen Eventer anerer Natur)?

An der Erwaardung vun Ärer Äntwert verbleiwe mer mat beschte Gréiss,

Semiray Ahmedova Yves Steffen